N°7784
Entrée le 16.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Obwuel d'Recht op Privatsphär an d'Recht op eng reegelkonform automatiséiert Veraarbechtung vu persounebezunnen Daten duerch eng ganz Rei national an europäesch Texter geschützt ginn, kënnt et ëmmer nees vir, dass Persounen sech an dësem Domaine an hire Rechter verletzt fillen, well et nach Gesetzeslücke gëtt oder d'Technologie méi séier viru geet, wéi d'Legislatioun.

Rezent huet sech eng Persoun bei eis gemellt, déi sech an hirem Recht op Privatsphär gestéiert gefillt huet, well een, dee bei si op Besuch komm war, ongefrot Fotoe vun de banneschte Raim vun hirem Doheem gemaach an des Fotoen un Drëtter weider ginn huet. Op de Fotoe waren nëmme Géigestänn a keng Persounen ze gesinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Ass et richteg, dass et aktuell keng gesetzlech Protektioun virun Handlunge wéi där genannter gëtt, well d'Gesetz iwwert de Schutz vum Privatliewen dëse Fall net ofdeckt an och d'Recht op d'eege Bild net ka gëlteg gemaach ginn, well déi betraffe Persoun net op de Fotoen drop ass?
    - Falls jo: Ginn et Pläng dës Gesetzeslück zouzemaachen, fir ze verhënneren, dass Fotoen aus de private Raim kënne genotzt ginn, fir Persounen ënner Drock ze setzen, falls op de Biller Saachen ze gesi sinn, déi fir déi Concernéiert onangeneem sinn?
    - Falls nee: Ëm wéi eng gesetzlech Basis handelt et sech?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten